



Fédération Luxembourgeoise des Pêcheurs Sportifs A.s.b.l.

placée sous le Haut-Patronage de S.A.R. le Grand-Duc Jean^e de Luxembourg
affiliée à la C.I.P.S. et au C.O.S.L.

47, rue de la Libération

L-5969 ITZIG

Tél. 36 65 55

<http://www.flps.lu>

E-Mail : secretariat@flps.lu

Itzeg, den 01. Dezember 2021

Communiqué vun der Lëtzebuerger Sportfëschfederatioun (FLPS)

Betrëfft Pollutioun vun Nouthemer Baach/Atert

D'Lëtzebuerger Sportfëschfederatioun gouf informéiert, dat et zu enger extrem graver Pollutioun vun der Nouthemer Baach komm ass. D'Verschmutzung soll op Lëtzebuerger Territoire geschitt sin.

Et stellen sech, nodeem a leschter Zeit dës sougenannt „Accidenter“ sech heefen, vill Froen iwer d'Informatiouns-, Präventiouns- an d'Sanktiounspolitik vun der Lëtzebuerger Regierung a punkto Naturschutz.

Wat ass genau geschitt mat der Nouthemer Baach? Wéini ass et geschitt?

Stëmmt et dat ëm déi 100 000 Liter Piff an d'Baach gelaf sin?

D'Nouthemer Baach leeft e puer Kilometer iwer Belschen Territoire an do an eng aner Baach, déi an d'Atert leeft.

Wat ass den Impakt op d'Nouthemer Baach ?

Wat ass den Impakt op d'Atert, an där d' Waasser, Fauna a Flora nach ëmmer duerch den „Accident“ an enger Biogasanlag schwéier geschiedegt sin ?

Wéi steet et mat der Kollaboratioun mat de Belschen Autoritéiten ?

Wat fir eng rechtlech Konsequenzen gedenkt d'Lëtzebuerger Regierung ze zéien ?

De Lëtzebuerger Sportfëscherverband stellt leider fest, dat keng transparent Informatiounspolitik gefouert gët. Esou Virfäll dierfen dach nët ënnert den Teppich gekiert gin.

Matgedeelt vun der FLPS, der Lëtzebuerger Sportfëschfederatioun.

Signé Jos Scheuer/ President